***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all an der Tëschenzeit sëcher wësst, fuere mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op dëser Plaatz hat mat der Summervakanz 2012 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2012/2013, also vum September 2012 bis an d'Summervakanz 2013.**

D'Scouts-Joer 2012/2013 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Um Enn vun der Summervakanz huet eng traureg Nouvell hir Ronn an eise Reihen gemacht:" Vandalismus um Naturléierpad". Arme Geeschter haten, aus purem Iwermut a mat brachialer Gewalt, eng ganz Reih vun Installatiounen futti gemaacht, déi mir am Kader vun eisem Projet Naturléierpad 2011 opgeriicht haten. No der éischter Roserei hu mir d'Police ageschalt, an uschléissend mat der Biergung vun de ramponéierten Deeler vum Léierpad ugefang. Daat war schons den 2. Fall vu Vandalismus well mir zu deem Moment nach op Äentwerte gewaart hun, fir deen schons virdrun zerstéierten Aquarium „Vandalensëcher" nees nei ze maachen. D'Enquête vun der Police, déi ziemlech lustlos duerchgeféiert gouf, huet neischt erginn, an esou si mir eléng mam Schued verbliwwen. Mir hun zwar geplangt, den Naturléierpad nees a Stand ze setzen, mais daat musst emol waarden bis eis 20 Joerfeieren mam gemeinsame Summercamp 2013 hannert eis leien. Eréischt dann hu mir nees Zeit a Kraft fir d'Spuren vun der völleg onnëtzer Aktioun ze beseitegen.
- Fir Mëttwochs den 19te September 2012 hat eise Verband, d'LGS (d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten) op Schëffléng op de **Kongress 2012** invitéiert. Esou hu sech, zur Eröffnung vun der neier Saison och 4 vun eise Cheffen zu Schëffléng afonnt. Op dëser uerdentlecher Generalversammlung vun eiser Dachorganisatioun, goung et dest Joer e wéineg méih animéiert zou. De Comité war mat dem Projet vun der Grëndung vun engem islamesche Grupp an eisem Verband ugetrueden, an dëse Projet huet fir vill, a kontrovers, Diskussiounen am Korps vun de versammelte Cheffen gesuergt.
- Fir Sondes den 23ten September stoung dunn och zu Schëffléng, den **LGS-Cheffdag 2012** um Menu. 9 Leit aus eiser Chefféquippe hu sech also op Schëffléng beginn, fir do a villen Arbechtsgruppen, déi nei Konsignen a Pläng vum Verband nobruecht ze kréien. Frësch motivéiert sinn si owends heemkomm, bereet, hir nei Iddien an der neier Saison bei eise Kanner a Jugendlech anzesetzen.
- Fir Samsdes den 29te September 2012 hate mir nees d'Kanner aus eisen Dierfer op eisen alljährlechen **Schnupperdag** invitéiert. Mat vereentene Kräften hun eis 2 ënnescht Branchen de Visiteuren an hirer Stammclientèle flott Aktivitéite gebueden, fir nei Memberen ze gewannen. Um Enn vum Mëtteg war kloer, et hat nëtt am gewënschten Emfang geklappt mat den neie Memberen. Duerfir hate mir eng ganz Rëtsch vu Kënnercher op eiser Lëscht, déi mir op den nächste Schnupperdag musste vertréischten, well sie dunn einfach nach ze jonk waren. Daat gouf Hoffnung fir de Schnupperdag 2013.
- Sondes de 7ten Oktober 2012 waren mir nees mat eisem Fändel um Dill, fir d'Feierlechkeeten zum **Commémoratiounsdag** 2012 an der Gemeng Duelem ze begleeden.
- Den Ufank mat den Aktiounen an der neier Saison hun d'RaRo gemacht, déi sech den 13. a 14. Oktober 2012 um **WE de Lancement** vum Verband bedeelegt hun.

- Du stungen **d'Monté'en** un, daat heescht d'Promotioun vun den eelsten, an erfuerentste Scouten vun enger Branche an déi nächst héicher Branche. Dëst garantéiert de Kanner a Jugendlechen, sëch ëmmer nees an engem Emfeld erëmzefannen, wou hinnen altersgerecht Aktivitéiten gebuede kënne ginn. Esou hun, den 20. Oktober 2012, eng 8 Kanner hir Montée vun de Biber bei hir nei Frënn an d'Wëllef gemacht. Méih grouss gesin hun eis Avex déi fir e Montées-WE op Déiferdéng gefuer sinn, wou 5 Ex-Wëllef hire Wee an d'Avex hu misse maachen. Och d'Carapio hun hir nei Memberen mat engem WE am Chalet um Eecherfeld, an engem Asatz am Kletterpark, zünfteg op hir nei Branche agestëmmt. Schlieslech hun nach d'RaRo den 2-4. November an engem MegaWE zu Nidderkolpech 7 nei Leit an hire Reihen opgehollt. Elo war de Grupp bereet fir d'Erausfuerderungen vun der neier Saison.
- Donnegdes de 25ten Oktober hun d'Albatrossen déi nei Saison mat enger Sortie ugefang. Als Optakt vun der Saison si sie op Rëmmeléng gefuer fir **d'RTL-Déck-Käpp** live matzeerliewen.
- Eng ganz positif Neierung gouf et an dësen Deeg och nach bei den Avex ze vermelden. D'Deborah Vandivit, waat eng ganz Scoutscarrière mat eis erlieft, an dunn e puer Joer gepaust hat, hat de Wee an d'Scouten zeréckfonnt. Vun dësem Hierscht un war hat do, fir als aktiv Avex-cheftaine, eppes zeréckzeginn, waat hat a senger Kanner a Jugend-Zeit u Schéinem a Positivem geschenkt kritt hat bei de Scouten. Dat sinn ëmmer nees esou Momenter vu grousser Freed an Dankbarkeet fir eis eeler Cheffen, well et weist datt eis Soot opgang ass.
- Iwerhaapt stoung dëss Zeit ënnert engem gudde Stär, waat eis Chefféquippe ugeet. De Papp vun engem vun eise Wëllefcher, hat erkenne gelooss, dass hien nett ofgeneigt wier, fir als Cheff bei eis matunzepaken. Daat dierf een eis nëtt zweemol soen, an esou hu mir mam **Manu Marques** Kontakt opgehollt fir eis géigenseiteg kennezeléieren. Mir hun an him e ganz naturverbonnene Mënsch kennegeléiert, deen mat 2 Féiss am Liewe steet, an awer am Häerz jonk bliwwen ass. Genee daat, waat bei eis passt. No Orientéierungsschnupperen an Avex a Carapio-Versammlungen huet hien sech fir d'Avex entscheed. A mir sinn déck frouh, en neie Frënd an eiser Chefféquippe ze hun.
- Dënschdes den 13ten November 2012 hate mir nees e groussen Optrëtt. Turnusgeméiss wollte mir eise Patréiner den **hellege Märten** feieren. A well mir am 20te Joer vun eisem Bestoen waren, an daat och no baussen erliefbar maache wollten, hate mir fir 2012 nees weit ausgehollt. Mat enger Mass zu Eieren vum Ritter vun der Barmherzegkeet goung et lass. Mat engem Rollespill hun eis Kanner de wuel bekannteste Geste vum hellege Märten, dem Deelen vum Mantel mat engem Heeschemann an Erënnerung geruff. Och soss ass dëss Mass vun eis Scouten gestaltet ginn, mat Karaokegesang, Lektoren a Massendénger am gréngen Hiem. No der Mass stoungen virun der Kiirch 3 Päerd bereet eist Amelie als hellege Mäerten , an déi 2 klengst vun eise Scouten an engem Kortège duerch Duelem ze droen. D'Kanner hun hir Lanteren ugefaang, d'Fehlen vun der Musek hu mir mat enger fahrbarer Stereoanlag iwerbréckt, an d'Police an d'Pompjé"en hun eise Kortège sëcher escortéiert, fir eis zum Schluss hannert den Home ze geleeden, wou fleisseg Hänn aus eise Reihen schons Gedrénks, warm Zopp a waarm Wirschterscher bereet haten, déi mir un d'Leit verschenkt hun esou wéi de Martin sei Mantel.
- Samsdes de 17. November 2012 hun eis Wëllef emol iwert den eegenen Tellerrand erausgekuckt, fir ze gesinn, waat aner Vereiner esou maachen. An hirer Versammlung sinn sie zu Duelem d'Ausstellung vum **Kleintierzüchterverein** kucke gang, waat de Kanner vill Freed gemacht huet.
- Samsdes den 1ten Dezember war nees eist traditionellt **Adventskranzbastelen** ugesoot. D'José an de Carlo haten de Versuch iwerhollt, eng nei Equippe heifir op d'Been ze stellen, woubei gewosst war, dass et géif schwéier ginn, dee Moosstaf beizehalen, deen d'Annie iwert iwert all déi Joeren agefouert haat. Mais, och hei huet et sech nees gewisen ,datt wa wierklech Nout um Mann, ass, da fannen sech och nei Leit fir ze hëllefen. Esou huet eisen SOS un d'Elteren vu Kanner a Cheffen bewierkt dass mir eng kleng Equippe zesummekruuten, déi an der Persoun vum Isabelle van Mulders och direkt e kompetenten an zougrëffsfreedege Kapp fonnt huet. Mat der punktueller Hëllef vun e puer Mammen an der Woch virdrun, hu mir mat de Kanner du Samsdegs de bestalltene Kontingent u Kränz pénktlech an zur Zefriddenheet vun eisen treie Klient'en färdeg konnte maachen. Och eise Kessier war frouh iwert deen Apport. Hei sief nach eng Kéier all deenen Elteren härzlechst „Merci" gesoot fir hir Hëllef.

- Den Daag drop, um 1ten Adventssondeg stoungen erem eng Partie vun eise Cheffen bereet, fir bei der **Porte ouverte am Buttek Mosaik zu Fëlschdreff** ze hëllefen. Et ass daat eng flott Méiglechkeet, als Krëschten an der Gemeinschaft mat Gleichgesënnten, un enger ganz grousser, an nohalteger BA matzeschaffen. Grad daat richtegt fir d'Adventszeit an der richteger Astellung unzefänken. Esou hu mir als Scouten, a getrei der Opfuerderung vun eisem Grënner probéiert, d'Welt e bësche besser ze maachen, a wann et alt mat Gromperekichelcher war.
- An der Adventszeit 2012 haten eis **Avex** sech nees e gréissere Projet viirgeholt. Mat der Hëllef vu gudde Mammen vun de Kanner; hu si sech selwer **Feiermäntel** gebitzt. Daat ass elo zanter 1997 déi 5. Kéier wou mir am Grupp dësen typeschen Scoutsartikel mat de Kanner gebitzt hun. Daat ass learning by doing at it's best, an de Feiermantel ass e wertvolle Begleeder durch eng ganz Scoutscarrière, well hien zum engen beim Lagerfeier hannen de Réck waarm hält, an als Decken a kalen Nuechten hëlleft, a well hien zum aneren als Parkplatz vun ale Badger a Campschëlder, e ganz individuelt Erënnerungsstéck ass un de Scoutsparcours deen sein Propriétaire gemacht huet.
- Mëttwochs den 19ten Dezember 2012 ass eng kleng Delegatioun vun eisem Grupp; owends mam Zuch op Klierf gefuer. Déi Klierfer waren de WE virdrun op Wien **d'Friddensliicht** fir Lëtzebuerg sichen, an elo sollte sie et an enger Veillée un all aner Gruppen weiderginn. Waat de Verband nett färdeg kritt haat, daat haat de Stan geschafft. E ganze Waggon war fir de Réckwee fir d'Scouten vun Duelem ausgewisen, an 2 extra Leit vun der Bunn soutzen mam Feuerlöscher bei eisen 2 arme Lanteren fir d'Flaam sëcher an d'Stadt ze eskortéieren.
- Fir Samsdes den 22ten Dezember hate mir eis Memberen op eng **Krëschtdagsfeier** invitéiert. Lass goung et zou Fëlschdreff an der Kiirch, wou mir eis mat enger interaktiver Veillée op d'Feststellung higeschaft hun, dass Krëschtdag feieren eigentlech Party maachen fir de Jesus ass. Zu Fouss bei furchtbarem Wieder hu mir dunn d'Friddensliicht op Duelem bruecht; wou mir nees an der Kiirch e méih meditative Moment erlieft hun wou jidfereen dem Jesus als perséinleche Cadeau e Wonsch, e Merci oder e Pardon fir Krëschtdag geschenkt, an duerno eng Kärz ugefang huet. Anschliessend hu mir eis am Home afonnt, wou et scho gudd geroch huet, fir zesummen ze sangen an eis Cadeau'en auszetauschen als Zeechen vun eiser Freed iwert d'Geburt vun eisem Erléiser. Zu gudder Läscht gouf et fir jidfereen eng gudd Spaghetti bolognaise déi vum Steve a vum Romain mat vill Gescheck zur Zeit gemaacht gi war. E puer gudd Séilen haten och nach Dessert spendéiert, sou dass et eis deen Owend un neischt gefeelt huet.
- Op helleg Owend 2012, hu sech eng Handvoll Avex mëttes op de Wee gemaacht, fir **d'Friddensliicht** vu Betlehem an den Dierfer vun eiser Par ze verdeelen. Zesummen mat e puer Kichelcher, engem Ziedel mat gudde Krëschtdaagswënsch vun eise Kanner hu sie d'Flaam, déi op der selwechter Plaatz gebuer gouf wéi eisen Erléiser, bei eeler oder krank Mënschen bruecht, fir deenen d'Hoffnung ze verdeitlechen, déi aus dem Jesus senger Gebuert erwiist, an hinnen esou e Stéck vun der wirklecher Krëschtdaagsfreed ze schenken.
- De selwechte Nomëtteg, hat de Carlo RV mat e puer klenge Scouten, fir e **Krëppespill** fir helleg Owend anzeprouwen. Wéi d'Kanner em 3 Auer koumen, hate sie nach keng Roll, keng Requisiten a keng Ahnung wéi daat sollt goen. No knapp 3 Stonnen Verdeelen a Viirbereeden, waren d'Kanner bereet fir d'Metten. Waat hinnen dunn nach un Textfestegkeet gefeelt huet, hu sie mat hirer Begeeschterung ausgefëllt. Vill Komplimenter no der Metten hun eis gewisen, dass vill Leit frouh waren; iwert de Kanner hire Message zur helleger Nuecht.
- Gleich nach um Enn vun der Metten, hu mir Scouten nach e weidere Geste gemaacht, fir d'Gemeinschaftsgefill ënnert de Leit ze stärken. Alle Leit, déi daat wollten, hun eis Wëllef en dekoréiert Glas mat enger Käerz mam Friddensliicht geschenkt, während dobaussen virun der Kiirch eis Chefféquippe bereet stung, d'Leit mat engem Glas **Glühwein** oder **Schoky**, an e puer Kreschtdagskichelcher oder Stollen, duerzou ze animéieren, nach e Moment an der Krëschtdagsstëmmung zesummen ze bleiwen. Fir déi Stëmmung nach ze förderen haten sech esouguer 2 vun eise Frënn, déi an der Musek sinn, bereetfonnt, eis mat flotten Krëschtdagslidder d'Gemitt ze erfree'en.
- Donnegdes de 27ten Dezember 2012 hun eis **Albatrossen** nees zougeschloen. Fir eng **Partie Keelen** an e gudde Maufel hate sie sech an der Duelemer Stuff RV gin. Trotz der Tatsaach, dass eng Partie Leit an

der Vakanz am Schnéi waren, hu mir eng Dosend der eelster Scouten zesummenkritt. Bei dëser Geleegenheet gouf och de Projet „ bar des anciens" viirgestallt, deen am neie Joer sollt an d'Liewe geruff gin.

- Samsdes de 5te Januar 2013 haten eis Albatrossen RV beim Jean-Paul. D'Quidden, déi si am Hierscht agemaacht haten waren lang fäerdeg mat gären, an et gouf héich Zeit, datt déi **Quiddendrëpp** gebrannt géif ginn. Ëmmerhin war daat den Albatrossen hire Cadeau un eis Gebuertsdagsgäscht op der 20 Joerparty, an daat waar nëmmen nach 2 Méint fort!
- Donnegdes den 10te Januar 2013 hate mir eis **Albatrossen** op den 1. **Bar des anciens** an den Home invitéitéiert. Amplaatz vu feste Versammlungen mat festem Thema wéi bei den anere Branchen, huet sech heiraus, am Laaf vun de Méint e flotten Schnëss, Gesellschafts-Spill, an Iesstreff entwéckelt, deen eng regelméisseg Klientel huet.
- Fir Samsdeg den 19ten Januar, haat sech eis Chefféquippe RV ginn fir eng **Raum a Schaff-aktioun am Home**. Elo war den Home, an eist Materiallager nees esou opgeraumt a ge'uerdent, wéi et fir déi grouss Projet'en déi virun eis louchen, néideg waar.
- Fir Dënschdes den 22te Januar 2013 hate mir eis Memberen a Frënn, d'Elteren vun eise Kanner a Jugendlech an d'Gemengenautoritéiten an den Home op eis **Generalversammlung 2013** invitéiert. Réckbléck an Ausbléck, souvuel waat eis Aktivitéiten ugeet, wéi och um finanzielle Plang, hu fir déi néideg Transparenz no bannen an no baussen gesuergt. Mir hun eis Gemengeverantwortlech nach emol op eis Doléancen higewisen, déi mir schon op der GV 2012 viirbruecht haten. Eng Reih Saachen waren, wéi versprach, erfëllt. Mais eng ganz Rëtsch vun eise Fuerderungen stoungen nach op. Hei gouf eis op en neits Ofhëllef versprach. Waat awer ganz positif war, eis Demande fir e Subside extraordinaire fir eis Feierlechkeeten ronderem eisen 20te Gebuertsdag matzefinanzéieren, gouf direkt ugehollt a geschwënn erfëllt.
- Fir Samsdes den 2te Februar, op Liitmëssdaag hat de Verband vun den LGS all Memberen fir de **Splash 2013** an d'Schwämm op Nidderanven geruff. Et ass daat eng Fund-raise-aktioun mat der Suen sollte gesammelt ginn, fir d'Projet'en vun der nationaler RaRo-branche a Georgien, a Bosnien a Brasilien, an Indien an am Senegal an dësem Joer ze ënnerstëtzen. 606 Guiden a Scouten vun all Alter hun dësem Appel entsprach. Zesummen hu sie 13.515 Längten gedrummt, waat 337.87 geschwommene Kilometer entsprecht also bal der Streck vun hei op Pareis. Duerch dësen Asatz sinn 52.929 € erakomm. Kloer dass mir Duelemer Guiden a Scouten, an eisem Jubiläumsjoer hei nëtt fehlen konnten.
- Vum 9. Bis den 10te Februar hu sech eis **Wëllefcher** zu Bouneweg fir e **WE** agenist, fir nëtt aus der Übung ze kommen. No engem gudde Foussmarsch vun Hesper op Bouneweg iwert Velospist woren t' Wellef iwerglecklech wei se am Chalet ukoumen, well et war dobaussen zimlech kaal. Während dem WE huet sech alles am **Detektiven, Geheimschreften, a Morsen** gedreint. Et war alles ganz spannend an e puer Wellef schwätzen haut nach vun engem gruselegen Mann deen owends ronderem de Chalet getreppelt ass.
- Samsdes de 16te Februar hat d'Avexchefféquippe hir Kanner bei den Home geruff. Et goung drëms, **Fakelen** ze bastelen an ze verkafen fir d'Fakelzich owends zu Fëlschdreff an zu Duelem bei d'Buerge vun de Pompjé'en.
- Fir Méindes de 4te Mäerz 2013 hat d'Fondatioun **mérite jeunesse** nees op hir alljäerlech remise d'Insignes an de Kolléisch an d'Stadt invitéiert. Wéi déi läscht Joeren ëmmer, war och 2013 de Scoutsgrupp hellege Mäerten vun Duelem vertrueden. 2 Lauréaten hate mir dëst Joer dobei, d'Julie Van Mulders mam Gold Insigne an den Alexandre Halter mat Sëlwer déi sie aus der Hand vum Prënz Guillaume de Luxembourg empfang hun. Souguer eisen ale Grand Duc Jean haat drop gehalen, fir dësen Owend mat senger Präsenz opzewäerten. An Duelem war och dobei!
- Vill Zeit eis iwert dëss Auszeechnung vun eise Frënn ze fréen hate mir awer nëtt. Well schon den Daag duerno, Dënschdes de 5te Mäerz 2013 stoung Grousses um Programm. Deen Owend huet eise Grupp genee 20 Joer voll gemaacht zanter datt mir Samsdes de 6te Maerz 1993 mat eiser éischter Lancementsversammlung un d'Öffentlechkeet getruede waren. Mir konnten also genau den **20te Gebuertsdag vun eisem Grupp** feieren. A genau daat wollte mir deen Daag och en due Forme maachen. 96

Leit haten eis Invitatioun an de Centre culturel op Duelem ugehollt dorënner och Leit aus der Ufankszeit, déi mir scho laang nëtt méih bei eis haten. All Branche haat fir deen Owend e Cadeau präparéiert, d'Biber an d'Carapio kleng Tiitercher mat Petits fours, d'Wëllef haten de Gebuertsdaagskuch gemaacht, d'RaRo haten eng Cuvée Gebuertsdagsbéier ugesaat, D'Avex sollte sech em de Gruppen-polo bekëmmeren an d'Albatrossen stounge bereet, all Gaascht iwer 18 Joer eng kleng Fläsch selwergebrannte Quiddendrëpp ze schenken. De Steve an de Romain haten et iwerholl, eis vum Grill e leckere Gebuertsdaagsmenu op den Dësch ze bréngen. Et gouf e laangen a flotten Owend mat villen Iwerraschungen. Gedenkmënzen fir 20 Joer kontinuéierlech Cheffsinn fir d'José an d'Annouck, e Foullard, mat individuelle Badger gemaacht vun allen déi Rang an Numm hun am Grupp fir eis Gruppechefftroika an d'Annouk. Mir kruten vum Ben a vum Leroy e richtegt flott a schmassegt Camplidd fir de gemeinsame Summercamp geschenkt an an engem professionellen Arrangement präsentéiert. En 20 Joerbadge vun der Biberchefëquippe gouf erkläert an ausgedeelt a schliesslech huet d'Gebuertsdagsgesellschafft nach ofgestëmmt iwert de Lay-out vun eisem Gruppe-polo an huet den définitiven Entworf fir de Summercampbadge bestëmmt. Déi Feier war eng rieseg Réusite, déi eis mat freschem Schwonk erfëllt huet, fir déi Projet'en déi nach virun eis louchen.

- Samsdes de 16te Mäerz stungen **d'Biber an d'Wëllefchersversammlung** ganz am Zeechen vun der Faaschtenzeit. Mat enger intensiver **reliéiser Veillée** hu mir probéiert, d'Kanner op de wirkleche Sënn vum kommenden Ouschterfest hinzeféieren. Datt dobei den Ouschterhues nëtt gudd ewech komm ass, versteht sech vu selwer.
- Waat an deem Kontext immens schued war daat ass, datt d'Offer, fir vu Gréngen Donnegdeg op Karfreideg eis traditionell Demarche mam Jesus bei senger Passioun, déi sougenannten **Operatioun Getsemani** ze maachen, dëst Joer nëtt emol 1 eenzegen Explorer konnt interesséieren. Wann ee bedenkt, dass dëss Viirbereedung op Ouschteren bal 20 Joer lang sein Publikum fonnt huet, mëcht daat nodenklech. Et schéngt, wéi wa fir eis Jugend, Glaawen a Krëschtsinn, ëmmer manner attraktiv wieren. Hei misste mir villeicht emol eis Zieler a Methoden hannerfroen. Awer och d'Ennerstëtzung vu Seiten vun eiser Kiirch ass nett optimal. Vu datt mir vun engem Paschtouer gegrënnt goufen, war vun Ufank u kloer, dass eis't Schaffen och e missionareschen Aspekt huet, an datt de Jesus a sein Evangelium eng wichteg Plaatz an eisem Grupp sollten hun. Mais an 20 Joer wou mir de wiesselnde Paschtéier, zu festen Zeiten, Kanner a Jugendlech, wéi op engem sëlwernen Tablett présentéiert hun, muss ee feststellen, dass eigentlech kee vun hinnen déi Chance jee wirklech genotzt huet. Wa mir eng Mass gefrot hun, krute mir se gehalen, do war nie e Problem. Mais et ass an all deene Joeren nie eisen Aumonier bei eis Kanner a Jugendlech an eng Versammlung komm, nett fir Spaass, an nëtt fir eescht. Waat fir eng Chance do ongenotzt bliwen ass, daat wees Gott eléng. Mir Cheffe sinn, vun e puer wéinege Besich um Camp ofgesinn, ëmmer eléng gelooss ginn, waat d'Verbreeden an d'Erfuerbarmaachen vun der Freed um Jesus sengem gudde Wuert ugeet. En Aumonier hate mir all déi Zeit, nodeems de Jang opgehalen hat, nëmmen um Pabeier. Ass daat villeicht mat e Grond firwaat eis Jugend, dësen Aspekt vum Scoutismus fir ëmmer manner wichteg hält? Mais zanter läschtem September, gehéiert zum neien Pastoralteam , daat fir eis zoustänneg ass, jo och eng eegen Jugendreferentin. Daat léist hoffen. Villeicht leit heiran jo eng Chance, fir dem krëschtleche Profil vun eisem Grupp nei Impulser, zu méih Konturenschäerft ze ginn. Mir free'en eis op nei Erfahrungen.
- An der Ouschtervakanz waren e puer vun eise Frënn ronderëm de Fonny als Projetscheff, an engem Grupp vun 21 lëtzebuerger **RaRo** op eege Käschten **an Indien** gereest, fir do en 1te Projet vun der Route 2013 ze réaliséieren. Dëss Asätz si mat Geld nëtt ze bezuelen! Hei si jonk Mënschen aus dem reichen, verwinnte Lëtzebuerg, déi ënnert perséinlechem Verzicht a mat eegenem oft peniblen kierperlechen Asatz, a friemem Klima an ënnert ganz primitiven sanitären an hygieneschen Konditiounen schaffen, fir frieme Mënschen hir Liewenssituatioun ze verbesseren. Sie weisen esou, dass sie alles verstaan an eescht gehollt hun, de BP deen eis opgedroen huet, d'Welt e bësche besser ze maache wéi mir se viirfonnt hun, an de Jesus, deen eis gesoot huet hien an de geréngsten vun eise Bridder ze gesinn an entspriechend ze handelen. Wann dann och nach e wéineg Abenteuerlust op hir Käschte kënnt ass daat Scoutismus vum Feinsten. Esou sinn eis Frënn e Freideg den 22.03. moies um Findel fortgeflunn, a Samstegs de 06.04 moies erem do ukomm. Mat hirem Asatz hu sie am Kiran village bei der Stadt Varanasi eng Spillplaatz,

dei 2001 vun den Scouten opgeriicht gouf, nei ugestrach a Klassesäll gebaut ! Dobei hu sie nei Bekanntschafte gemaacht ; 1. Mat den indeschen Termiten, déi d'Spillplaatz fir sech entdeckt haten waat weider, net geplangten Arbechten néideg gamacht huet. An 2. hu sie en typesch indesche Brauch kennengeléiert, de sougenannten Hollyday, wou d'Leit sech géigenseiteg, aus Spass an der Freud, mat Farw bewerfen. Do ass eise Colour-run Pippifax dergéint.

- Méindes den 1ten Abrëll 2013 hate mir en trauregen RV. Den Här **Alphonse Vandivinit** war an der Woch virdrun **gestuerwen** a gouf op dësem Daag begruewen. Hei wollte mir Duelemer Scouten op kee Fall fehlen fir 6 vun eise Cheffefrënn an der Trauer ëm hire Grousspapp, an de Jean an d'José beim Verloscht vun hirem Papp resp.Schwéierpapp, ze encadréieren.
- An daat sollt nett de läschten Asatz an der Art sinn. Genee 2 Deeg drop stounge mir schon nees zu Duelem um Kierfecht. Dëss Kéier war et den Här **Gilbert Brandenburger**, dem Chris an dem Marc hire Bopi, dem Monique sein Papp, dem Carlo sei Schwéierpapp dee mir op sengem läschte Stéck Wee wollte begleeden. An der Freed hun sech d'Weer vun deenen 2 Familljen bei de Scouten schon oft gekraizt, elo stoungen sie och am Leed an de grengen Hiermer zesummen.
- Samsdes den 20ten Abrëll owends hate sech eng ganz Partie Explorer an e puer Pionnéier mat hirem Gepäck am Home afonnt, fir d'Muttergottesoktave 2013 op Scoutsmanéier unzefänken. Grillen um Lagerfeier an eng reliéis Veillée sollte sie op de **Pélé des jeunes 2013** astëmmen. Um 1 Auer nuets si sie zu Duelem fortgang. Dank dem José sengem Asatz krute sie um halwe Wee eng kleng Stärkung mat Cola a Kuch verpasst, sou dass sie pénktlech ëm 7:15 zur Jugendmass an der Kathedral soutzen. Wéi all Joer, huet och dëst Joer e gudd gedecktene Kaffisdësch um Mäertchen op eis gewaard nodeems d'Pélés-Mass fäerdeg waar.
- Samschdes de 04.05.13 war eng **Oktavandacht** fir Wëllef a Biber an der Kathedral. Et ass daat eng nei Aktioun fir och deene klenge Scouten déi schéin al lëtzebuerger Traditioun vun der Oktave méih no ze brengen. Eng Partie vun eise jéngste Scouten waren mat hire Cheffen dobei.
- De selwechten 4te Mee hun eis **RaRo** ugefang d'Kirmes viirzebereeden déi virun der Diir stoung. Et sollt eng richteg scoutsméisseg **Entréespaart** a Form vun engem Turm opgeriicht ginn. Ausserdeem war geplangt, d'Konstruktiounen fir de **groussen Ecran** unzefänken deen nächste Mëttwoch owend beim New-comer Festival gebraucht géif.
- Ganz vill ass hannert de Kulissen geplangt, organiséiert an erbeigeschleeft ginn. Dënschdes de 7te Mee huet sech alles op der Scoutswiss entlueden. Ab 16:00 Auer sinn ëmmer méih Zelter opgeriicht ginn, d'Bühn gouf ageriicht, Killween koumen erbei, et war esou weit, **d'Scoutskirmes an den New-comer-festival 2013** stoungen virun der Diir. De selwechten Owend hun d'Albatrossen, no der Opbauarbecht, eng 2. Editioun vun hirer **Summerraclette** op der LGS-Bühn arrangéiert. Den nächsten Daag den 8te Mee 2013 ass weider fleisseg, vu ganz villen Hänn, geschafft ginn sou dass owends ab 19:00 den 2. Newcomerfestival konnt iwert d'Bühn goen. Hei hu mir de jonken Nowuesgruppen Daniel Baltasar mat Band, Schëppe 7, Dillen Dub, District 7 a Shadowhispers e Forum gebueden, sech, an hir Musek enger breeder Öffentlechkeet ze présentéieren. Vill jonk Leit waren eiser Invitatioun gefollegt, an esou war vill lass op der Scoutswiss. Den nächsten Daag gouf et nees méih klassesch. Eis traditionel **Scoutskirmes** gouf agelaud mat der Kirmesmass zu Christihimmelfahrt, déi mir Scouten och gesanglech gestaltet hun. Duerno goung et weider mat Apéritiv, Mëttegiessen a Spiller souwéi engem Volléy-ball-tournéier virun der Bühn. Wéi mir owends déi meescht Zelter nees agepakt haten, a mir dem Tim sein verklärtene Bléck gesin hun, wousste mir, d'Editioun 2013 war nees erfollegreich gepackt a mir konnte mam Resultat a mat eiser kollektiver Leeschtung déck zefridde sinn. Freides sinn dunn nach läscht Räschter verbraucht, a läscht Materialien zeréck an hir Depot'en bruecht ginn, an owends huet sech Chefféquippe an Amicale zefridden RV ginn fir e Maufel ze iessen am gudde Gefill, zesummen daat Richtegt gemaacht ze hun.
- De **Wëllefchersrally,** war dëst Joer Sonndes den 12. Mee 2013 zu Stengefort a stoung ënnert dem Thema "The Flinstones". Natiirlech waren déi Duelemer zesummen mat villen aneren Meuten aus dem ganze Land do am Asatz.
- Donnegdes den 30te Mee 2013 waren e puer vun eise RaRo-Cheffen op den Neihaisgen, fir do mat eisem daischte ScoutsKolleg dem Christoff Z. e **Léiergang a Jurten a Kohtenbau** matzemaachen.

Learning by doing mëcht och virun gestanenen Cheffen nett halt. Mir Duelemer waren jo déi éischt lëtzebuerger Trupp, déi eng Yurte hat op de Camp'en. Wien wees, villeicht steet en neien Entwécklungssprong befir fir méih grouss Konstruktiounen mat deene Zelter unzegoen. Do wier fir eis nach Neiland ze betrieden.

- Samsdes den 1. Juni waren eng Partie Leit vun eisem Grupp mat vill Enthousiasmus an der Coque dobei fir e sougenannte **Flashmob** am Kader vun de Spiller vun de klenge Länner matzegestalten. Mais trotz Asatz vun der Grand-Duchesse an der Kulturministesch war d'Resultat leider éischter bescheiden. Un den Duelemer Guiden a Scouten louch daat op alle Fall nëtt. Mir waren do!
- Sondes den 2 te Juni hunn eis RaRo en heldenhaft Beispill vu gelieftener Toleranz ginn. Eis léif Konkurenten a léiftste Géigner vun der **FNEL zu Fréiséng haten op e Volley-ball –Tournéier** bei Geleegenheet vun hirem Bisonsfest invitéiert. A prompt waren eis RaRo mat enger Equippe am Asatz.
- Eise Frënd a Carapiochef de Rafi hat sech am Joer virdrun berufflech nei orientéiert. Dëss nei Situatioun huet et matsechbruecht, dass hien nëtt méih am Summer fir e Camp disponibel ass. An esou huet hien eis, schon laang am viraus an d'Bild gesaat, dass hien spéitstens am Hierscht als aktiven Carapiochef géif ophalen. Dem Rafi en décke Merci fir alles, waat hien am Grupp geleescht huet an de vergangene Joer. Mais wéi sollt et elo wieder goen? Wéi frouh ware mir, datt sech an der Persoun vum Ben Seil e jonken Nofolger fir dëss wichteg Branche présentéiert huet, deen dunn no an no d'Carapio'en iwerholt huet. Esou war och d'Betreiung vun dëser Branche fir de Summercamp assuréiert.
- Fir Freides den 21ten Juni haten eis Carapio eng **LAN-Party** am Home organiséiert zu der sie och nach d'RaRo invitéiert haten. Hei ass dann d'ganz Nuecht duerch um PC géint, a mateneen, gespillt ginn. Dat war mol nees eng flott Iddie op déi scho lang keen méih komm war.
- Den Daag drop stounge mir am gréngen Hiem a mat eisem Fändel owends bei der Gemeng bereet **d'Feierlechkeeten zum nationalen Feierdag an der Gemeng Duelem** mat eise Farwen ze begleeden. No Kortège, Te Deum an Eierewein hu mir eis Gemengenresponsabel mat eise logistesche Problemer konfrontéiert, déi eis mat Bléck op de Materialtransport op, a vun eisem Summercamp ëmmer méih dréckend um Mo louchen. Ganz spontan an onkomplizéiert krute mir vun hinnen all erdenklech Hëllef mat de Gemengegefierer zougesëchert. Duerfir nach emol e ganz décke Merci!.
- Samsdes de 6.7.2013 haten eis jéngst Scouten RV mat villen aneren Biberfamillen aus dem ganze Land fir de **Bibertreff 2013**. Dëst Joer hat d'Equippe an d' Géiserei, dem neie Sëtz vun eisem Verband zu Eesch agelueden. 11 vun eise Biber, vun 2 Cheffen enkadréiert hu sech mat Bus an Zuch op de Wee gemacht fir eisen Duelemer Grupp würdeg ze vertrieden. Zesummen mat méi wéi honnert aneren Kanner hu sie, a sëllesche Spiller, dem Biber vun der Péitruss gehollef e Filter ze bauen fir dass hien säi verknaschtend Revéier kéint botzen. D' Missioun war vun Erfolleg gekréint, an eis Kanner sinn no dem flotten Nometten zefridden heemgefuer.
- Dënschdes den 9te Juli hate mir owends hei am Home de **läschte Grupperot** vun der Saison. Mir hun eis kurz gefasst mam offizielle Programm, well de Steve hat eis nach eng Agape an e Patt fir sei 40 te Gebuertsdag an Aussicht gestallt. Et huet sech gewisen, mat der richteger Stimulatioun geréit och eise Grupperot meih kurz.
- Vun elo un huet sech all Chefftreff a bal all Brancheversammlung nëmmen nach ëm eent gedréint, ëm den **HIAUDE**, den Hier , Aujourd'hui, Demain, wéi mir eise gemeinsamen Gruppen-Summercamp gedeeft haten. Méindes de 15te Juli 2013 ass et endlech eescht ginn. Fir 9:00 Auer hate sech d'RaRo mat hire Velo'en beim Home RV ginn, fir de Wee op Losheim um Drootiesel zeréckzeléen an esou als éischt Branche eng éischt Nuecht eleng den Terrain ze bevölkeren an domat de Camp offiziell unzefänken. Direkt duerno ass de Camion vun der Gemeng komm, fir eis grousst a sperregt Material vun Zelter iwert Konstruktiounsholz bis Tanken fir 2 Floosser opzelueden an op Losheim ze bréngen. D'Rouh vun de RaRo huet genee eng Nuecht ugehalen, well den anere Muergen koumen och d'Avex an d'Carapio um Site un. Hirt Material louch alles bereet an esou hu sie gleich ugefang hire

Camp opzebauen, während deem d'RaRo schons op den Hike verschwonne sinn. Den nächsten Dag Mëttwochs de 17. Juli, et war den 3. Daag vum Camp si viirmëttes d'Wëllefcher am Ökodorf agefall, an eriwer war et mat der Rouh an de klengen Hütten. Och de Steve ass elo ëmmer méih gefuerdert ginn waat d'Zuel vu senge Kaschgänger gewues ass. Eis Campzeitung huet ugefanken ze erschéngen an d'RaRo hun eis BA, e Cadeau un de Campingplatzbedreiwer a Form vun enger Grillplaatz beim 12 Personenhaus, no an no opgeriicht. All Branche huet onofhängeg vum Räscht hiren eegene Programm gelieft an der Attente vum WE wou et alles sollt zesummefléissen. Mais am Moment war nach alles am Wuessen. Donnegdes den 18. Juli koumen am Nomëttes och d'Biber un, an hun hiren Deel vum Ökodorf beluecht. D'Avex an d'Carapio hun dovun naischt matkritt, well sie du grad um Hike waren. Freides moies si Biber a Wellef zesummen mam Bus op Neunkirchen an d'Gondwanaland gefuer, fir dem „Hier" an eiser Welt op d'Spur ze kommen. Am Nomëtteg koumen dun nach eis Frënn vun Albatrosse an Amicale op de Camp, a goufen an déi verbleiwend Hütten aquartéiert. Elo ware mir mat 95 Leit vun allen Altersstufen komplett an de gemeinsame Programm goung un. Owends gouf et eng Lagerfeierveillée mat Gesang, Danz, Spill a Spaas, enger Verspriechensfeier an engem Tellerausglousatelier. Samsdes den 20te Juli sollt den Héichpunkt vun eisem gemeinsame Camp sinn. Moies huet nach all Branche sein eegene Wee gemacht. Awer nom Iessen goung et du richteg lass. Eng Olympiade mat iwerbranchleschen Equippen a batterster Hëtzt, eng Retrospektive iwert eis vergangen 20 Joer, eng Danksagungsmass a schliesslech eis't grousst Gebuertsdagsiessen, daat mir eis vum Brauhaus um Séi liwweren gelooss haten. Och wann d'Nerven duerch déi onmosseg Hëtzt an de ville Programm mat de ville Leit bei eenzelne Cheffen blank louchen, war et e ganz groussen Owend deen eis Animatiounséquippe mat hirer Deko an hirem musikaleschen Savoir-faire nach opzewerte woussten. E Freedefeier vun de Séifestspiller an eis Lampio'en déi mir an d'Nuecht fléien gelooss hun, hun dësen Owend märchenhaft op en Enn bruecht. Mais et war nach nëtt färdeg. Den aneren Daag, fir Sondes den 21te Juli 2013 hate mir eis Elteren invitéiert, fir mat eis en Dag ze verbréngen. Bei eis dunn nach 92 Memberen koumen nach eng Kéier 73 Elteren a Geschwëster vun eise Kanner a Jugendlech dobei, soudass mir mëttes fir de Brunch 165 Leit um Camp bekäschtegt hun. An dank dem Steve senger Organisatioun huet keen Honger oder Duuscht gelidden. Du gouf et hektesch. Fir 14:00 sollte mir all déi Leit zu Losheim op der Gare stoen hun, an eis Biber a Wëllef sollten hirt Gepäck schon am Auto vun den Eltere leien hun fir de Reckwee. Zu 165 Leit hu mir dunn zu Losheim den historeschen Damp-Zuch gehollt deen eis gemächlech op Merzig bruecht huet. Vun do aus war eng Wanderung vun 3 km bis bei de Wolfspark virgesinn. Mais bei deenen tropeschen Temperaturen, wou esouguer d'Eisebunnschinnen vun 1906 ugefang hun sech ze verbéien, war daat kee Plaiséier méih. All Schied ausnotzend huet eis Wandergesellschaft et schlieslech gepackt. Mais d'Leit waren du bal méi interesséiert um Gedrénks wéi un de Wëllef. Den ambulante Glacevendeur op der Plaatz huet d'Geschäft vu sengem Liewen gemaacht. Mat Hëllef vun e puer Auto'en ass dun awer och nees de Reckwee gepackt ginn, an den Zuch huet eis all nees op Losheim bruecht, wou de Biber an de Wëllef hire Camp dunn zu Enn war. Den Daag drop sollten nach Amicale an Albatrossen hiren Extraprogrammdeel erliewen. Mais duerch d'Hetzt an d'Iwerlaaschtung vun eenzelne Cheffen koume mir zum Schloss, besser méih lues ze maachen, eise Camp ze raumen a Rouh an eis Reihen ze bréngen. Een énzegen Ausflug an d'wonnerbar Keelt vun de Schlossberghöhlen zu Homburg hu mir nach gemacht, an owends ass och dësen Deel vum Camp gemütlech an der Brauerei zu Köerprich ausgeklongen. Nett ouni eis d'Wuert ze ginn, den Albatross Amicale Ausflug un d'Saar am Hierscht ënnert méih gënstege Konditiounen ze widerhuelen. Nodeems Dënschdes moies och déi läscht Amicale an AlbatrossLeit fort waren, an de Camp ganz an den Hänn vu Carapio an Avex louch war et daitlech méih roueg. Eng Rëtsch Ausfligg, an Aventuren zB mat 2 Flosser um Séi hun och déi läscht Deeg vun eisen Zeltscouten op en Enn bruecht. Donnegdes de 25te Juli owends, et stoung neischt méih op der Wiss, hun Avex a Carapio hir Schlussveillé'en bei de Lagerfeieren gehalen, du war den Dram eriwer. Freides moies de 26te Juli koum fréih moies nees de Camion vun der Gemeng. An du goung et séier. Opluden , Äddi soen op déi läscht Eltere warden an op Duelem fueren. Et waar bal nett ze gleewen, den HIAUDE war eriwer. A mir waren all gudd midd.

- Den nächsten Daag , Samsdes de 27te Juli ware mir schon nees um Dill an de gréngen Hiermer. Eise Frënd a langjähregen Avexcheff de **Boris Vandivinit** a sein Anne wollte sech virum Härgott **d'Wuert fir d'Liewe** ginn. An eis Albatrosse haten sie duerzou op den Apéritiv invitéiert. Datt een eis nëtt bei esou enger Gelegenheet rifft, ouni sech der Gefoer auszesetzen vun eis eng kleng Extra-Virstellung verpasst ze kréien, ass Eieresaach. Esou mussten och de Boris an d'Anne virun hire Gäscht molen, roden a musizéieren fir d'Harmonie an hirer Koppel ze beweisen, éih sie konnten den Apéritiv genéissen.
- Am Verlaaf vun der Summervakanz sinn, wéi schon uegeschwaat, nach weider Entwécklungshëllefsprojet'en an aller Welt gelaaf, déi vun der nationaler RaRo-Branche am Kader vun der Odyssee 2013 organiséiert gi waren. Hei sief nach op de **Projet am Senegal** higewisen, un deem an dësem Summer 2013 och 2 jonk Guiden aus den Duelemer RaRo matgewierkt hun. Et waren daat d'Linda Lugen an d'Julie Van Mulders déi op eege Käschten matgereest sinn, fir d'Liewenskonditiounen vu frieme Mënschen an Afrika ze verbesseren. Duelem war alt nees eng Kéier dobei!
- De läschten Akt vun der Saison 2012/2013 sollten **d'Albatrosse** spillen. Sie si jo zanter dem viirechte Joer op enger méihjähreger **Rees op Santiago de Compostella**, bei der sie am 1. Joer zu Fouss vun hei bis op Verdun gange waren. Dat waren 130 km, mais et bleiwen der domat ëmmerhin nach bal 1000 km fir den eigentleche Caminho unzefänken. Duerfir wollte sie dëst Joer emol Metere machen fir e Stéck op der Kaart virun ze kommen. Esou hu sech hirer 7 Samsdes de 17ten August moies beim Home mat hirem Gepäck an hire Velo'en getraff fir alles an eisen Unhänger ze paken. Du si sie mam Auto op Verdun gefuer, fir do weider ze machen mat hirem Wee, wou si d'Joer virdrun opgehalen haten. 5 Pilger si mam Velo hir Dagesetappen gefuer, an 2 hun d'Material mam Auto op déi nächst Rouhplaatz gefouert an do alles virbereed, fir de Velospilger en agréablen Accueil ze bereeden mat frëschem Gedrénks a guddem Iessen. 5 Deeg méih spéit sinn eis Pilger, frouh awer midd, 370 km méih weit süd-östlech zu Orléans ukomm. Elo schon 500 km vun doheem fort si sie den aneren Daag stolz de Stempel an hirt Pilgerbichelchen siche gang éih et nees op den Heemwee gang ass. Elo ass den nächste RV 2014 am August zu Orléans fir eng weider Etappe, déi eis duerch Tours wäert féieren, wou mir selbstverständlech beim Graaf vum hellege Mäerten, eisem Patréiner, e Besuch wärten maachen.
- Nieft dësen méih speziellen Aktivitéiten gehéieren och nach opgezielt: ëm déi 120 regelméisseg Versammlungen déi d'Scouten vun eisen 6 Branchen zesummen haten, 4 Grupperéit an eng ganz Reih vu Präparatiounstreffen an der Chefféquippen. Et kéint een soen, mir hätten nees gudd geschaft am Scoutsjoer 2012/2013 amir hätten eis eng kleng Paus an der Summervakanz verdéngt gehat.